PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 06/03/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten & Famill, Solidaritéit an Integratioun weiderzeleeden.**

Zu Rodange gouf virun e puer Méint d'Residence Tokio fäerdeg gebaut (Parzellen N° 612/8289; 612/8290). Dës Residence ass insofern speziell, well se no engem Tauschgeschäft tëschent der Gemeng Péiteng an engem private Promoteur gebaut gouf: de Promoteur krut den Terrain, wou fréier een ëffentleche Parking war, zur Verfügung gestallt, fir gratis dorobber een Deel vun der neier Residence kënnen ze bauen. D'Gemeng huet am Géigenzuch dofir een ënnerierdesche Parking mat zwou Etagë krut, dee fir d'Ëffentlechkeet bestëmmt ass.

Wéi et fir ëffentlech Parkingen d'Reegel ass, sinn och op dësem Parking Parkplazen fir Leit mat kierperleche Beanträchtegunge virgesinn. Dës Plazen misste logescherweis mat engem Rollstull erreeschbar sinn. Et féiert awer keen ëffentleche Lift bei d'Parkplazen um Niveau -2 an och keen ëffentleche Wee bei ee Lift an d'Residenz, vu wou aus d'Leit eleng kéinten op de Rez-de-chaussée gelaangen. D'Rollstullfuerer:innen missten deemno eleng eng steil Pente eroprullen an dat um nämmlechte Wee, wou och d'Autoen fueren.

Am Accessibilitéitsgesetz vum 7te Januar 2022 souwéi dem groussherzogleche Reglement vum 8te Februar 2023 gouf festgehalen, dass Gebaier an ëffentlech Infrastrukture musse fir Rollstullfuerer a Leit mat anere Beanträchtegungen zougänglech sinn.

D'Beispill uewendriwwer weist awer, dass dat op ville Plazen awer nach ëmmer net de Fall ass an d'Ufuerderunge vum Accessibilitéitsgesetz vun 2022 net respektéiert ginn. Ee weidert Beispill net wäit ewech vun dëser Plaz am selwechten Duerf: den neie Parking "Blobierg" an der Avenue Dr. Gaasch (Parzell n° 585/8071), wou et och onméiglech ass, eleng am Rollstull d'Pente eropzerullen a wou keen Trottoir virgesinn ass, dee breet genuch ass fir ee Rollstull.

An deem Zesummenhang wéilte mir de Ministeren dës Froe stellen:

1. Entsprécht et den Accessiblitéitskrittären aus dem Gesetz souwéi dem groussherzogleche Reglement, wann ee Rollstullfuerer um Autoswee vun engem Parking eng Pente muss eroprullen, fir vun der Handicapéierteparkplaz bis zum Ausgang vum Gebai ze kommen?

2. Sinn d'Parkingen, wéi déi zwee, déi hei uewendriwwer genannt ginn, konform zu den Accessibilitéitskrittären aus dem Gesetz?

3. Sinn d'Gemenge verflicht, fir hir Parkingen accessibel fir all Bierger:innen ze maachen?

4. Schaft d'Accessibilitéitsgesetz eng Servitude de passage fir déi Leit, déi sech op d'Behënnerteparkplazen dierfe stellen?
   Aneschters gefrot: Dierfen d'Rollstullfuerer:innen de Lift vun der Residenz notzen, fir esou op de Rez-de-chaussée kënnen ze kommen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

POLIDORI Ben
Deputéierten